N° 7749
Entrée le 18.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n°7749 vum 10. Mäerz 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen**

Déi vum honorabelen Deputéierten ugeschwaten Analys vun der Cochrane Library limitéiert sech net ausschlieβlech op Masken, mee betrëfft eng ganz Rei physesch Interventiounen fir d'Verbreedung vun Otemweesinfektiounen ze ënnerbannen oder ze limitéieren[1]. Et handelt sech bei der Analys ëm eng "mise à jour" vun enger éischter Analys vun 2020. Dëst Dokument huet awer eng Rei Limitatiounen déi et schwéier mécht fir kloer, eendeiteg Konklusiounen ze zéien, besonnesch betreffend d'Moossnamen während der COVID-19 Pandémie.

Éischtens, goufen just 6 vun den 78 Études während der COVID-19 Pandémie gemaach. De Gros vun den Études betrëfft aner Otemweesinfektiounen an et ass dofir schwiereg Konklusiounen ze zéien wat de COVID-19 ugeet.

Zweetens, analyséiert de Cochrane-Grupp hei zesummen, esouwuel Études wou d'Masken (an aner Preventiounsmesure) konsequent a richteg benotzt goufen, wéi Études wou d'Benotzung ganz onregelméisseg wor (Zitat aus der Analys: „adherence with interventions was low in many studies"). Wann een d'Masken net konsequent a korrekt benotzt, geet d'Effikazitéit natierlech dramatesch erof.

Fir d'Effikazitéit vun enger Mesure (wéi d'Masken) formell ze beweisen, muss en d'Étude als eng sougenannten „controlled randomized study" maachen. Dëst ass awer schwiereg an der Praxis ëmzesetzen. Wann een dat wëllt an engem „kontrolléierten" Kontext maachen, bleift eigentlech nëmmen d'Spidol wou een déi ganzen Zäit d'korrekt Benotzen vun de Masken duerch d'Personal kann iwwerwaachen. An deem Kontext vum Spidol ass et awer quasi onméiglech, ethesch gesinn, eng randomiséierte Vergläichsgrupp („Control group") ze hunn déi keng Masken undeet, well een et op der Plaz mat vulnérabelen oder héich-vulnérabelen Persounen ze dinn huet, an déi kengem onnéidegen Risiko däerf aussetzen. Et feelt also un dësen „randomized control trials" fir eng kloer Décisioun ze huelen op Masken dann elo wierksam sinn oder net.

Drëttens ginn bei der Cochrane Analys all Typen vu Masken zesummen évaluéiert. Et ass awer gewosst dass eng normal chirugicalesch Mask wäit manner effikass ass wéi z.B. eng FFP2 Mask wann et drëm geet e Virus ze blockéieren. Leider ass bei der ganzer Analys keng eenzeg Étude dobäi déi an enger randomiséierter a kontrolléierter Situatioun FFP2 Masken évaluéiert.

Schlussendlech war d'Maskendroen generell an den Études kombinéiert mat aneren Preventiounsmossnamen, wat et onméiglech mécht den separaten Effekt vun de Masken ze moossen.

Et sief des Weideren erwänt, dass säit dem 1. Abrëll 2023 keng Maskeflicht méi am Gesondheets- a Fleegesecteur besteet, wat awer net op eventuell Conclusiounen aus dëser oder aneren Analysen zréckzeféieren ass, mee mat der aktueller epidemiologescher Situatioun zesummenhänkt.

Lëtzebuerg, den 18. Abrëll 2023

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert

[1] Physical interventions to interrupt or reduce the spread of respiratory viruses (Review)